PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 MARS 2019
483

Lëtzebuerg, den 12/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Justiz weiderzeleeden.

Den internationale Fraendag vum 8. Mäerz, gëtt all Joer erëm en Denkustouss a Saache Gewalt géint Fraen. Och am Joer 2019 ass d'Fra gesetzlech nach net genuch viru psychescher a kierperlecher Gewalt geschützt. Beispillsweis ass di psychesch Form vu Gewalt zu Lëtzebuerg net strofbar. De Viol ass a bleift strofbar, ma divers Quelle fuerderen säit laangem d'Verjärungsfrist vum Viol ze iwwerdenken an op 30 Joer erop ze setzen. De Justizminister huet am Joer 2017 erkläert, datt d'Verjärungsfrist bei 20 Joer soll bleiwen. Nieft dem Viol, bleift och d'haislech Gewalt e grousse Problem.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

- Huet den Här Justizminister Braz entretemps virgesinn d'Verjärungsfrist vum Viol ze iwwerdenken? Falls jo, wat genee soll geännert ginn?
- Huet den Här Minister fir Justiz wëlles am Kontext vun der haislecher Gewalt ze legiferéieren an d'Affer gesetzlech besser ze encadréieren? Wa jo, wat genee ass virgesinn?
- Huet den Här Minister Braz wëlles d'psychesch Gewalt strofbar ze maachen?
- Huet den Här Minister vun der Justiz präzis Zuelen wat d'Fäll vu Vergewaltegungen zu Lëtzebuerg ugeet? Huet dës Zuel an de leschte Joren éischter ofgeholl oder zougeholl?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député